# Zesumme spillen

Inklusiv Spillplazen zu Lëtzebuerg entdecken



# Wat mécht eng Spillplaz inklusiv?

*Eng inklusiv Spillplaz soll et Kanner mat ënnerschiddleche Besoinen erméiglechen, zesummen ze spillen.*

*Dat kënnen zum Beispill sinn:*

- *breet an eben Zougäng*
- *Spillelementer um Buedem*
- *Rampen a Plattformen*
- *Schaukelen, déi méi Halt ginn*
- *sensoresch Spillelementer*
- *Plaze fir Rou a Pausen*

*Eng Spillplaz kann inklusiv Elementer hunn, ouni komplett barrièrefräi ze sinn.*

# Märeler Parc

Ganz nei renovéiert an eng vun de modernsten inklusiven Infrastrukturen.
Si bitt eng grouss Fläch mat barrierefräie Weeër, speziellen Inklusiv-Schaukelen a sensoryschen Elementer fir all Typ vu Behënnerung.



# Parc Belval

Direct nieft der Primärschoul fënnt een hei eng inklusiv Spillplaz. Den Design an d'Beschëlderung goufen extra ugepasst, fir datt Kanner mat an ouni Behënnerung ouni Barriere matenee spille kënnen



# Bambësch Bëschspillplaz

Dëse grousse Spillpark am Bësch ass deelweis fir Leit mat ageschränkter Mobilitéit zougänglech. Verschidde Beräicher hunn e festen, stabilen Ënnergrond an d'Infrastrukturen si mat Rampen equipéiert



# Betebuerger Park

De Fräizäitpark huet zënter kuerzem d' "Raiffeisen Labyrinth", eng inklusiv Spillplaz déi gutt zougänglech an op d'Besoine vun alle Kanner ausgeriicht ass.



HALTO • *Zesummen duerch de Summer*

# Wou fannen ech eng Spillplaz hei am Land?

Mat der App “**Spillplaz.lu**” kënnt Dir:

- Spillplazen op enger Kaart sichen
- Fotoen an Informatioune kucken
- no bestëmmte Spillelementer sichen
- nei Plazen entdecken
- Erfarunge vun anere Famillje liesen






CareShare

# Kennt Dir nach eng accessibel Spillplaz?

*Är Erfarung kann anere Familljen hëllefen:*

- *schéckt eis den Numm vun der Spillplaz*
- *deelt Fotoen an nëtzlech Informatiounen*
- *sot eis, wat do gutt funktionéiert*
- *erzielt eis och, wat nach feelt*

**Zesumme maache mir accessibel Spillplaze méi siichtbar.**

HALTO

CareShare